Nature for People
People for Nature

SICONA
Naturschutzsyndikat

D' Gemeng Dippech, an de SICONA invitéieren op d'Aktivitéit

Brachen an Kachen mat Wëllkraider

fir Kanner & hir Elteren

13.04.2024 **14:30**

Molkerei Thiry

19 rue du Stade, Schouweiler

Landwirtschaft an Natur si ganz enk matenee verbonnen. Mir weisen iech wat et alles an de Wise vum Betrib Thiry entdecke kann. Hei wiisst esou munch gutt Kraut wat net nëmmen de Kéi vum Betrib Thiry schmaacht mee wat een och an der Kiche verschaffe kann. Mee doriwwer eraus sinn eng Vilfalt vu Wëllkraider wichteg fir vill Déierenaarten. Mir starten eis Aktivitéit mat engem Tour an der Molkerei vum Betrib a mir kréien de Betrib vun der Famill Thiry erkläert. Mir kucken eis wéi d'Mëllech de Wee an d'Mëllechtut fënnt. Dono gi mir zesummen ob d'Sich no Wëllkraider. Kanner an Erwuessener léiere verschidde Wëllkraider kennen a kréie gewise wéi een domadder kacht. Dono gëtt zesumme geschmaacht.

Dat Ganzt dauert ongefëier 2 Stonnen a riicht sech u Kanner an hir Elteren. Gesitt w.e.g. fest Schong an dem Wieder ugepasste Kleedung vir. Mir si gréisstendeels dobaussen!

D' Aktivitéit ass op Lëtzebuergesch.

Umeldung: administration@sicona.lu / 26 30 36 25

Dëse Projet gëtt vum Ministère fir Klima, Emwélt a Biodiversitéit ënnerstëtzt.

SICONA
Naturschutzsyndikat

Wie si mir?

De SICONA Sud-Ouest an de SICONA-Centre si Gemengesyndikater fir Naturschutz a Landschaftsfleeg.

Zil ass d' Erhalen vun der eenheemescher Aartevilfalt, den natierleche Liewensraim an de Landschaften aus eiser Regioun, awer och d' Sensibiliséierung vun der Ëffentlechkeet fir den Naturschutz am Hibléck op eng nohalteg Entwécklung.

Mir bidden:

- Ëmsetzung vu konkrete Aarteschutz- a Biotopschutz projeten an der oppener Gewan an och am Duerf, z. B. Uleeë vu Weieren, Uleeë vu Blummewisen oder Planze vun Uebstbeem

- Fir Erwuessener: Naturexcursiounen, Uebstbamschnëttcoursen a verschidden Natur-Workshopen

- Fir Kanner a Jugendlecher: Aktivitéiten an der Natur

- Fir eis Membersgemengen: Konzeptioun, Planung an Ëmsetzung vu konkreten Naturschutzprojeten Hëllef bei der Gestaltung vun naturnoen ëffentleche Gréngflächen a beim Aarteschutz un ëffentleche Gebaier; Ënnerstëtzung vun enger nohalteger, regionaler Ernährung an de Maison relais am Kader vum Projet *„Natur genéissen".*

Dir kënnt matmaachen:

- Andeem Dir en Terrain zur Verfügung stellt fir en Naturschutzprojet;

- Duerch Bedeelegung un engem Aarteschutzprojet;

- Duerch naturno Gestaltung vun Ärem Haus a Gaart.

Qui sommes nous?

Le SICONA Sud-Ouest et le SICONA-Centre sont des syndicats intercommunaux pour la conservation de la nature.

Ils ont pour but la conservation de la diversité biologique, des habitats naturels et des paysages dans la région, ainsi que la sensibilisation du public pour la protection de la nature en vue d'un développement durable.

Nous offrons:

- matériel d'information et conseil individuel sur des thèmes de protection de la nature, p.ex. jardins proches de la nature, protection des espèces dans les agglomérations;

- pour adultes: excursions-nature, cours de taille pour arbres fruitiers et divers ateliers-nature;

- pour enfants et adolescents: activités dans la nature;

- pour nos communes membres: conception, planification et mise en oeuvre de projets de protection de la nature, assistance pour l'aménagement de surfaces vertes proches de la nature et la mise en oeuvre de mesures de protection d'espèces sur des bâtiments publics, soutien d'une nutrition soutenable et régionale dans les maisons relais dans le cadre du projet «Natur genéissen».

Vous pouvez participer:

- par la mise à disposition d'un terrain pour un projet de protection de la nature;

- par la participation à un projet de protection d'une espèce menacée;

- par un aménagement écologique des alentours de votre maison.

SICONA
Naturschutzsyndikat

Kontakt

12, rue de Capellen
L-8393 Olm

www.sicona.lu
administration@sicona.lu
+352 26 30 36 25